Teppechkaf
©Roland Meyer

T'jo, meng Fra hat decidéiert, en Teppech ze kafen. E Perserteppech sollt et sinn, ee vun dienen deieren. Ausserdem hat d'Geschäft Solden an d'Stuff war vill ze kal fir de Bebé.
Och mäi Schwéierpapp sollt matgoen. Hien huet de Besëtzer vum Butték kannt a war dovun iwwerzeecht, nach weider Prozenter erauszeschloen.
Wéi mir am Geschäft ukoumen, si mir erféiert. Eise Géigner war net nëmmen eng eenzeg Persoun, mee hien haat sech fir des besonnesch Schluecht Verstärkung organiséiert, Mercenären, esouzesoen. Am ganzen waren si zu sechs, wann ech richteg gezielt hat, mir nemmen zu dräi. Nujee, mir wouste jo och, wourop mir eis agelooss haten.
Déi éischt „Kampfhandlung" huet doranner bestanen, datt mäi Schwéierpapp dem Proprietaire vum Geschäf d'Hand gedréckt huet. Doropshin huet hien eis virgestallt, meng Fra a mech, zesumme mat engem uerdentleche Coup de Main.
No dësem zimlech brawen Ofgetaaschs huet de Proprietaire zu sengem éischten éierbare Schlach ausgeholl: „Jo Monsieur, wat soll et da sinn?" Onvirbereet wéi ech nun emol war, konnt ech just nach entwerten, datt ech gären en Teppech hätt. Domatt hat ech meng Schwächt ganz kloer gewisen, well et geet ee jo net an en Teppechbutték fir e Pond Brout ze kafen. De Proprietaire huet och direkt nach eng Schëpp nogeluecht: „Wéi eng Moosse, wéi eng Farf, wéi ee Präis?"
Ech hu versicht, mir näischt umierken ze loossen, mee ech hat wierklech keng Anung. Hätt ech doheem wéinstens d'Stuff gemooss. Wéi den Ochs virum Bierg stung ech do, d'Ae wäit opgerappt, kruet ech kee Wuert méi eraus. Ech siche verzweifelt Blékkontakt mat menger Fra, hatt sollt dach och emol eppes soen... Dobausse woust hatt jo alles esou gutt.
Hei, do un der Mauer, do hängt en Teppech, dien éischtens menge Moossen entsprieche kéint an zweetens an diene Farwe gehal war, déi mir, a virun allem menger Fra gefale kéinten. Een Zock marschéieren ech drop lass, ennersichen e fachmännesch, fueren eng Kéier matt der Hand driwwer a stellen eescht fest: „Dien do ass net schlecht. Esou eppes hate mir gesicht."
De Proprietaire schneit eng Binette, mat dier ech näischt ufänke konnt. Iergent eppes zwësche Virfreed, Staunen an Iwwerraschung. „Wat soll dien da kaschten", froen ech riichteraus.
„Ah, dat do ass ee vun diene schéinsten Teppecher, déi mir op Lager hunn. Et gesäit een, datt Dier e Fachmann sidd. Also, et soll een, wann een en Teppech keeft, ëmmer och drun denken, datt Teppecher am allgemengen e gudde Geldplacement sinn. Maja, dësen Teppech kascht, ...

fir Iech,.... nujee, ech machen Iech e gudden Präis... 2000000 Frang!“
Domatt war ech erledegt ier de Mätsch iwwerhaapt emol ugefaangen hat. Ech hatt klipp a kloer bewisen, dass ech net die mannste Schimmer vun enger Anung vun Teppecher hat. Gin ech elo zou, datt mir eigentlech nëmme wollten 100000 Frang ausginn, sou sinn ech entlarft; meng Fra a mäi Schwéierpapp entscheedent geschwächt. Ech hun och schon déi virworfsvoll Bléker vu menger Fra a menger Akaul gespuert, nëmme wat mech am meeschte gestéiert huet, dat war dat matleedegt Lachen, dat ech am Gesiicht vum Schwéierpapp ze erbléke gemengt hunn.
Et ass mir also näischt anescht iwwerech bliwwen, ech hu mech missen erholl, an d'Schluecht agräifen. Ech hunn also zouginn, datt dësen Teppech ze deier wär. Déi éischt Parti war domadder entschidden an den Ennemi huet Taktik gewiesselt.
Matt engem onheemlech blöde Grinsen féiert hie mech bei e Koup Teppecher, déi de Moossen vum 2000000-Stéck entsprach hunn. Dunn huett hien dräi vu sengen Akolitten erbäigeruff, si sollte mer elo d'Teppecher weisen, a mech esou an d'Zang huelen.
Hat de Proprietaire sech bis elo zréckgehal, well e mäi Schwéierpapp kant huet, esou ware mer elo dienen dräi hei ausgeliwwert, well déi hu jo kee vun eis kannt, an déi hu jo keng Rücksicht ze huele brauchen. An dier hu se och vun Ufank u keng geholl. Scho wéi se mir d'Hand gerësselt hunn, hu se erëm déi alles entscheedent an esou onfäir Fro gestallt: „A wat soll et da sinn?"
Mir hunn eis ugekuckt an de Kapp gerëselt. Vill méi virsiichtech ewéi virdru sot ech: „Weist mer all d‘Teppecher vun dëser Gréist." Iwwerzeecht dovun, déi drei virun onléisbar Aufgabe gestallt ze hunn, hinnen also Paroli gebueden ze hunn, hunn ech d'Hänn op de Réck an d'Stier a Fale geluecht. Wéi sollten déi dräi Männercher mir all déi sellech Teppecher weisen?
Nemmen zu menger gréister Iwwerraschung, hu se sech op d'Spillchen agelooss. „Wéi gefällt Iech dësen hei?" Gemengt war dien ieweschten Teppech vum Koup. Geschockt durch dës onerhéiert Direktheet hunn ech de Kapp gerëselt. Déi dräi Knaschterten hunn dëse Geste als Oflehnung ausgeluecht. A wat elo geschitt ass, daat gouf mer de Rescht. Séier wéi de Blëtz gouf den Teppech zesummegefaalt an iwwer een zweete Koup méi kleng Teppecher op eng fennëf Meter méi weit fräi Plaz gejummt. Pluff, do louch en!
Iwwerdeems war de Proprietaire ouni datt ech eppes bemierkt hat nieft mäi Schwéierpapp getrueden. Et war deem Lausbouf opgefall, datt mäi Schwéierpapp sech absolut net fir d‘Teppecher interesséiert, also nëmme matgeholl gouf, fir bei eventuellen Präisverhandlungen matzehëllefen. Fir hien op seng Säit ze brengen, huet en dem Schwéierpapp eng Tas Téi offréiert. „Ech drenke nëmme Kaffi!" Ha, hunn ech geduecht, dat do ass em

gutt op der Panz. „Vläicht wëllt Dir eng Tas Téi?", huet de Proprietaire sech iwwerfrëndlech u meng Fra gewennt. Aha, elo bëndelt déi domm Louder och nach gäre mat menger Fra un! Also wann et him gelengt meng Madame op seng Säit ze brengen, da si mir ganz verluer, well hatt kann de Mond net halen, a seet ëmmer direkt wat et wellt. Esou kann ee net handelen!
„Ech ging iewer gären en Téi drénken", hunn ech zimlech beleidegt gegrommelt. Sou hat ech e bëssen Zäit gewonnen a konnt, bis den Téi gedronk war, eng nei Taktik entwéckelen. Nëmmen déi dräi Seecherten hu mer keng Paus vergonnt. Den zweeten Teppech vum Koup louch elo viru mir. Déi Kéier keng Fro, mee nëmme méi schaarf Blécker. Ech hunn op den Teppech geluust. En huet mer net gefall. Op jidde Fall war e bei wäitem net esou schéin wéi dien éischten, dien ech esou séier ofgewisen hat. Schéinheet hin oder hier, wat mech interesséiert huet, war virun allem de Präis. Nëmme wann ech dat zouginn, ass de Match verluer, an si verkafe mir wat se wëllen. Wéi kann ech de Präis erauskréien, ouni datt si mierken, datt dee mech interesséiert? Wéi kann ech de Präis vun all Teppech erausfannen, fir en éischten Tri ze maachen, a fir da spéider, souverän, die schéinsten vun diene bëllechen arauszewielen? Op kee Fall wollt ech mech nach eng Kéier esou blaméieren wéi virdrun. An op eemol ass dat geschitt, wat am richtege Liewe bal ni geschitt: ee vun dienen dräi Komplizen huet esou ee Feler gemaacht, die Schluechten, wat soen ech, die Kricher entschede kann. Wéi hien nämlech gesinn huet, datt ech mech net decidéiere konnt, koum hie mat engem Saz iwwer de Koup gesprongen, béckt sech, dreint den Teppech em a weist mam Fanger op d'Fiedem: „Wesst Der, d'Qualitéit vun engem Teppech erkennt een un der Unzuel vun de Knied. Wat dier méi beieneen sinn, wat den Teppech besser ass! Dir gesitt, dat hei ass eng ganz gutt Aarbecht, vill kleng Knied!"
Seng Knied hu mech natierlech keng Grëz interesséiert, opschonns ech fläisseg man Kapp gewonk hunn, mee dien Iesel hat och d'Präisschëld mat opgedeckt, wéi hien den Teppech emgekéiert huet. 500000 Frang! Nondidjö, ze deier, vill ze deier! Esou arrogant wéi nëmmen ech alleng ka sinn, hunn ech dem Verkefer ze verstoe ginn, dien Teppech géif mer net gefalen, hie sollt en nees féx emdréien an iwwer op dien anere Koup puchen. Meng Fra hunn ech dobei héieren erlichtert opootmen. Si kennt nämlech meng schlecht Gewunecht, dacks eppes ze kafen, dat vill ze deier ass, an dat mir an virun allem hier net honnertprozentech gefällt.
Also ass och dësen Teppech duerch de Buttek gesegelt a schonns louch dien nächsten viru mir. „Nett schlecht!", hun ech geduecht, an e besse méi spéid och gesot. „Kënnt ech d'Knied emol gesinn?", hun ech frëndlech gefrot. Wéi wann et mer quiitschegal wir, hun ech dienen dräi nogekuckt, wéi si den Teppech emgedréit hun. Heemlech hun ech iewer gebiet, datt d'Präisschëld erëm sollt zum Virschäin kommen. Et hätt jo kënne sinn, datt

die ganze Koup dat ominéist Schëldchen hannendropp gepecht hätt? Ech hu mech bal net getraut iwwerhaapt dës Méiglechkeet ze imaginéieren, wéi tatsächlech d'Schëldchen, zesumme mat enger Hellewull Knied opgedaucht ass. 250000 Frang stung dropp, eng Informatioun, déi bei mir, duerch eng komplizéiert biochemech Reaktioun an der Gehierschuel dozou gefouert huet, datt ech de Kapp gerëselt hun. Och dësen Teppech ass duerch de Buttek geflunn. Et huet sech dunn tatsächlech erausgestallt, datt all d'Teppecher op dier selwechter Plaz präislech gekennzechent waren. Esou war de Choix also nett extra schwéier: alles iwwer 150000 Frang ass duerch de Sall geflunn. Well matt de Prozenter déi bis ewell zwar nach eng grouss Inconnu a soumatt Verhandlungsgéigestand waren, koum een an d'Géigend vun diene gewënschten 100000 Frang. Nodeems déi dräi Sténkerten die ganze Koup duerchwullt haten, si nach sechs Teppecher iwweregbliwwen, vun diene mir eis elo ee sollten erauswielen.
Datt dësen Auserwielten och nach just dien huet misse sinn, dien ech am Ufank als éischten duerch de Butték gejot hat, ging ech am léifsten hei guer nett zur Sprooch bréngen. Nëmmen elo ass et gesot, an et ass jo och egal.
Also ech hat grad meng lescht Schlupp Téi ausgedronk, wéi de Proprietaire zur Finale geblosen huet, Showdown op Persesch oder Hight Noon an dausent an enger Nuecht... nujee. Als éischt goufen d'Sekundante bestëmmt: de Proprietaire hëlt sech ee vu senge Fazerten zur Hëllef an ech hun alt misse mäi Schwéierpapp huelen.
Mäi „Sekundant“, dien ausser Schwéierpapp och nach Schlesser war, huet dien éischte Schlaach gefouert, an de Proprietaire drun erënnert, datt hien him jo schonns en ettlech Eisendieren zum halwe Präis gemaach hätt. „Jojo, mir ware schonn ëmmer gutt Kollegen", schmeechelt de Proprietaire. „Ech si bereet Iech op dësem héichwärtegen Teppech, et gesäit een, datt Ären Edem e richtege Fachmann ass, 35% ze ginn."
„Dat kënnt iwwerhaapt net a Fro!" Domat huet dem Proprietaire säi Säkdréier sech an den Handel agemëscht, a mäi Schwéierpapp an ech ware virlefeg aus dem Rennen. Mir konnte vir den Ableck just nach nolauschteren, wéi dien Dauweritt ongenéiert behaapt, 35% wéire vill ze vill fir esou ee Meeschterwierk, dat wir ganz onméiglech, an iwwerhaapt hätt säi Jong dësen Teppech ennert Asaz vu senger Fra hierem Puppelchen sengem Liewen aus der Kurdistanescher Pampa geschmuggelt.
Lues iewer sécher ass d'Gespréich an d'Persescht gerutscht. Dofir hun ech jiddenfalls déi Sprooch, déi se geschwat hun, gehalen. Eis hu se einfach do stoe gelooss, ignoréiert, a sech net méi em eis gekëmmert. Aus lauter Blödheet hate mir eis natierlech direkt op d'Säit vum Proprietaire geschloen, a bei all (persesch) Bemierkung, déi hie gemaach huet, hu mir wéi verréckt mam Kapp gewénkt. Huet säi Fuerzert iewer eppes (och op Persesch) gesot, hu mir rosen an Géigend gekuckt, an eng Fauscht gemaach.

No dräi bis véier Minutten huet de Proprietaire sech zefridden un eis gewent a sot matt houfreger Stëmm, hien hätt et fäerdegbruecht, fir säi Kompagnon ze iwwerzeegen, eis den Teppech mat 25% ze iwwerloossen. Säin Associé hätt missen agestoen, datt eng ganz besonnesch déif Frëndschaft de Proprietaire mat mengem Schwéierpapp verbënd, an datt esou eng Frëndschaft wäit iwwer d'Prozenter an d‘Suen erausgeet.
Déck zefridden hu mir nees de Kapp gerëselt an dem Proprietaire d'Hand gedréckt, et war alles, datt ech em net de Réng gekësst hätt. Dien anere Knaschtert hu mir net méi mam Aasch bekuckt.
Séier hate mir déi 129999 Frang matt der Visakaart bezuelt, déi den Teppech elo nach kascht huet, a mir hun och net vergies, dem Proprietaire vun Häerze merci ze soen, fir säin onegoisteschen Asaz a säin dapert Optriede géint den Ennemi.
Wéi mir den Teppech du bis heem geschleeft haten an eng Fläsch Schampes op dat gutt Geschäft gedronk hun, huet meng Fra mech op eemol gefrot, firwat mir eigentlech nëmme 25% kritt hun, wou dach an der Annonce gestanen hätt, et kréich ee 50% a wou de Schwéierpapp de Proprietraire dach esou gutt ging kennen.